

**Commission des relations humaines et de l'égalité des chances**  
**Rapport de la réunion du 6 mars 2024**

**Membres présents :**

**Prés. Feith-Juncker Edmée, secr. Goldschmit-Goergen Chantal, D'Onghia-Memola Rosa, Dumay Maude, Hagen Lynn, Messineo Roberto, Reding Nathalie, Verzin Ginette, Omic Melissa,**

**Membres absents :**

**Ries Lynn, Pinto Ana, Koks Vincent, Lutgen Charel, Stamet Nicole, Wagner Elisabeth, Fernandes David.**

---

**Ordre du jour :**

1. "Affichons égalité"
2. Fréijoersfest fir di eeler Leit:
3. Barbecue de Bienvenue
4. Organisatioun : conférence de sensibilisation sur les maladies neurodégénératives
5. Partnerschaft am Kader vum Luxembourg LGBTIQ+Panel
6. Divers

Ettelbruck, le 12/04/2024

La Secrétaire

Chantal Goldschmit-Goergen

Les Présidentes

Edmée Feith-Juncker  
Lynn Ries



## 1. “Affichons égalité”

Den offiziellen Akt zum Welfraendag mat der Aktioun „Affichons-Egalité“ ass den 6.3. 2024 um 17:30 geplangt.

Als éischt gëtt d' Schëld vum „Anne Frank“ an der rue de la Synagogue enthüllt.

Duerno ass a Präsenz vum Här an der Madame Ernster an der rue du Commerce beim Schëld vun der Madame „Claire Ernster-Kinn“ en Akt, wou vun den Präsidentinnen vun der Kommissioun, dem Här Buergermeeschter an dem Här Ernster e puer Wieder un d' Invitéeën gericht ginn. En Eierewäin gëtt duerno am Restaurant Galileo-Galilei (23 rue de Bastogne ,Ettelbruck) vun der Gemeng offréiert.

Als Invitéeën gin d'Gemengerotsmemberen, den Comité “Al Synagogue” an d'Famill Ernster ugeschriwwen.

## 2. Fréijoersfest fir di eeler Matbierger den 27.Abrëll

CRH proposéiert als Menu fir dës Editioun

Als Entrée :Ham mat Meloun oder Quiche Lorraine

Als Hauptplat: Emincé de Poulet oder Emincé de Veau mat Pommes Dauphines an Bounen/Ierbsen.

Als Dessert eng Tartelette aux fraises.

D'Inviatiounen (Annexe) ginn als “toutes-boîtes” an der ganzer Gemeng verdeelt.

Den Busservice gëtt vum “Aktiv Nordstad +” assuréiert. Wann erfuerderlech kann den Bummelbus als Appui geruff ginn.

Den Kado ass den Brëllenetui mat Brëllenduch. Als Faarf huet CRH den groen Modell ugeholl. (Annexe)

Fir d' Fest richten mir **Freides Mëttes (26.4) ab 14:00 Auer an der Daichhal op.**

Dobai hëllefen bis elo : Edmée, Rosa/Franco, Ginette, Lynn H., Nathalie an Chanti, jiddereen deen nach Zeit huet ass wëllkomm fir eng Hand unzepaken.

**Samsdes moies ass R.V. um 10:30 Auer an der Daichhal.**

Mir zerve'eren den Leit den Apéritif an duerno d'lessen, wann d'Feier riwer ass raumen mir Dëscher a spullen, mir waerten géint 17:30 Auer mat der ganzer Arbecht ferdeg sinn.



Fir Samsdes hunn sech bis lo ugemellt: fir ze schaffen: Edmée, Lynn R., Rosa/Franco, Ginette, Roberto, Nathalie, Maud, Tom (vun Aktiv Nordstad+), Chanti.

Et wier wichteg, dass nach weider Memberen vun der Kommissioun hëllefden fir dass mir daat Ganzt paken, dofir meld iech wegl. beim Chanti Goldschmit

**(chantal.goldschmit@ettelbruck.lu)**un.

Eis Equipe gëtt ënnerstëtzt vun den Memberen vum Schäffen- a Gemengerot

2025 ass den Datum fir Fréijoersfest vun den eeler Matbierger op den 26. Abrëll festgeluecht.

### **3. Barbecue de Bienvenue den 9. Mee ab 11:00 Auer**

Fir den Barbecue de bienvenue bestellt d' Kommissioun en Kuch bei "Jos an Jean-Marie".

Mam Fabien Huss vum Camping muss ofgekläert ginn wat seng Equipe als lessen kann proposéieren.

Och hei sinn d' Memberen vun der CRH gefoudert fir beim Service ze hëllefden well de Barbecue de Bienvenue eng Initiative vun eiser Kommissioun ass.

D'Invitatiounen ginn Ufanks Abrëll un déi a Fro kommend Bierger ( déi 2023 sech nei an eiser Gemeng ugemeld hun) per Post verschéckt. (Annexe)

### **4. Organisatioun : conférences de sensibilisation sur les maladies neurodégénératives**

D'Gemeng Dikrech huet schon zougesot fir eng éischten Konferenz zu dem Thema den 23. Abrëll 2024 um 19:00 Auer an der aler Seeërei ze organiséieren.

D'Organisatioun vum zweeten Deel vun den Konferenzen mam Thema **"Alzheimer-Krankheit: Wie sie verhindert werden kann"** , gëtt **zu Ettelbréck am Stadhaus den Donnegdeg , 16. Mee um 19:00 Auer vun der CRH organiséiert.**

Eng Entrevue no der Réunioun vun der Kommissioun huet erginn datt UNI.lu d' Affichen ausschafft an bei der Gemeng eragëtt.



Dës ginn dann vun Memberen vun der Kommissioun bei verschidden Dokteren verdeelt an iwert d'Informatiounspanneauen an Ettelbréck, iwert den Internetsite vun der Gemeng, Facebook asw.. (Affiche an der Annexe) gin d'Awunner agelueden un dëser interessanter Konferenz deelzehuelen. Macht wegl. Reklamm bei Ärer Famill a Frënn.

No der Konferenz offréiert d' Gemeng en Eierewäin.

### **5. Partnerschaft am Kader vum Luxembourg LGBTQ+Panel**

Den CRH gëtt op d'Unfro vun LGPTIG+Panel en positiven Avis.

Déi **nächst Réunioun** vun der Kommissioun ass virgesinn den **3.6.2024 um 19:00 Auer** am Versammlungsraum vun der Maison Putz

